Zësumme liewen

BIERGERPAKT

# WËLLKOMM-MAPP

VERSIOUN 03/2025

# MOIEN A WËLLKOMM BEIM BIERGERPAKT


Merci fir Ären Interessi an Äert Engagement!

Dës Wëllkomm-Mapp soll Iech duerch de Programm fir interkulturellt Zesummeliewe guidéieren.

## Wichteg




Dir kritt reegelméisseg en Newsletter per E-Mail geschéckt, deen Iech iwwer déi aktuell Offer informéiert.




Besicht och eise Site [www.biergerpakt.zesummeliewen.lu](http://www.biergerpakt.zesummeliewen.lu). Hei fannt Dir all d'nëtzlech Informatiounen, fir déi Aktivitéiten erauszesichen, déi Iech am meeschten interesséieren.


Fir en éischten Iwwerbléck iwwer Lëtzebuerg ze kréien, seng Sproochen ze entdecken an Iech mat den administrative Prozeduren zu Lëtzebuerg vertraut ze maachen,

→ **huelt un den Aféierungsmodülle deel.**

Fir méi spezifesch Informatiounen iwwer déi Themen ze fannen, déi Iech interesséieren, fir nei Kontakter ze knäppen a fir Iech méi um gesellschaftleche Liewen zu Lëtzebuerg ze bedeelegen,

→ **kuckt d'Offer vum Katalog vun den avancéiert Modülle a mellt Iech un.**

# 1. DEI 3 AFÉIERUNGSMODÜLLE




## Sproochemodüll

Dir kënnt d'Online-Sproocheplattforme gratis benotzen, fir eng vun den dräi Amtssproochen ze léieren a mindestens den Niveau A1 ze erreechen. D'Amtssproochen sinn:

Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch.

→ Fir Lëtzebuergesch ze léieren, gitt op www.llo.lu

Fir Franséisch an Däitsch ze léieren, frot wgl. Ären Zougangscode fir d'Biergerpakt-Sprooche-plattform un.

→ **Frot Äre Code hei un.**

→ **entdeckt d'Sproochplattform.**

Weider Informatiounen iwwer d'Sproocheléiere fannt Dir op eisem Website.

### WICHTEG

Wann Dir de gewënschte Sproochenniveau erreecht hutt schéckt eis d'Resultat vun Ärem Astufungstest an d'Lëscht vun de besichten Aktivitéiten, fir Är Participatioun un dësem Modüll ze validéieren. Dir fannt déi zwee Dokumenter op der Plattform.

Per E-Mail schécken un: bp@fm.etat.lu

## Orientéierungsdag

Verpasst net dësen Evenement, deen Iech d'Méiglechkeet bitt:



- Iech iwwer d'administrativ Prozeduren, déi Iech interesséieren, ze informéieren.
- un interaktive Workshoppen deelzehuelen, fir déi verschidde Méiglechkeete vun der Participatioun a vum Engagement zu zu Lëtzebuerg ze entdecken.
- d'Informatiounsstänn vu Ministèren, Verwaltungen a Verbänn ze besichen an Äntwerten op Är spezifesch Froen ze kréien.
- u participative Workshoppen iwwer d'Liewen zu Lëtzebuerg deelzehuelen.

All Joer ginn zwee Orientéierungsdeeg organiséiert. Huelt op d'mannst un engem vun dësen Evenementer deel, fir dëse Modüll ofzeschléissen.

## Entdeckt d'Groussherzogtum Lëtzebuerg

- Entdeckt d'Vilfalt an d'Particularitéite vu Lëtzebuerg.
- Léiert seng Geschicht, Traditiounen a Wäerter kennen.
- Tauscht Är eegen Erfarungen aus.
- Huelt méi aktiv um Liewen zu Lëtzebuerg deel.

Dëse Modüll dauert 6 Stonnen (verdeelt iwwer 2-3 Sëtzungen) a gëtt op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch a Portugisesch ugebueden – a jee no Besoin och an anere Sproochen.

→ **Fir Iech unzemellen, klickt wgl hei.**



### WICHTEG

Den Ofschloss vun den dräi Aféierungsmodülle gëtt ënner bestëmmte Konditioune bei enger Demande fir de Statut als laangfristeg*en Awunner*in a bei enger Demande fir d'Lëtzebuerger National-itéit duerch Optioun berécksichtegt.

Als Bescheinegung fir Äert Engagement kritt Dir e Certificat.

## 2. AVANCÉIERT MODÜLLE

Consultéiert eisen Online Katalog a wielt d'Coursen an d'Aktivitéiten, déi Iech interesséieren. De Katalog gëtt no an no erweidert an enthält Modüller zu de folgenden Theemaen:

- Sprooche léieren an uwenden
- Administrativ Demarche verstoen
- Lëtzebuerg besser kenne léieren
- Sech fir Diversitéit a géint Rassismus an Diskriminatioun asetzen
- Sech als Bierger engagéieren

**Wichteg**

Dir kënnt d'Modüller besichen, wéi et fir Iech am beschten ass. Et ass net néideg, un den Aféierungsmodülle deelzehuelen, ier Dir mat deenen eenzelne Modülle ufänkt.
D'Offer gëtt reegelméisseg ausgebaut.

**KONTAKT**
**Team Biergerpakt**
**Tél:** 8002 0044
**Mail:** bp@fm.etat.lu

## F.A.Q.

**Fir wat engagéieren ech mech, wann ech mech fir de Biergerpakt umellen?**

Et ass e moralescht Engagement fir d'interkulturellt Zesummeliewen, dat den Zougang zu de Programmmodüller erméiglecht.

**Huet de Biergerpakt eng fix Dauer?**

Nee, en huet keng fix Dauer, awer all Är perséinlech Donnéeë ginn anonymiséiert, wann Dir zwee Joer laang u kengem Modüll deelhuelt.

**Kann ech mech nees fir de Biergerpakt umellen, wa mäin Dossier zougemaach gouf?**

Jo, Dir kënnt nees zu all Moment um Biergerpakt deelhuelen.


**Muss ech um Biergerpakt deelhuelen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien?**

Nee, Dir musst net um Biergerpakt deelhuelen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Dir hutt awer – ënner bestëmmte Konditiounen – d'Méiglechkeet, d'Nationalitéit duerch Optioun unzefroen, wann Dir un den dräi Aféierungsmodülle vum Programm „Interkulturellt Zesummeliewen" deelgeholl hutt.

### BIERGERPAKT-ËMFRO

Sot eis Är Meenung an beäntwert eise Questionnaire (Dauer: 3-5 Minutten).

# ROAD MAP




1. D'Participatioun un den dräi Aféierungsmodülle gëtt ënner bestëmmte Konditioune bei enger Demande fir de Statut als laangfristeg*en Awunner*in a bei enger Demande fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit duerch Optioun berücksichtegt.